

Waarm Loft, oder?

Wann en Historiker sech domat op engem Mikro (um 100,7) breet mécht, **déi Leit hätten e ‚Fäschtelchen‘ an der Kopp, déi drop halen, datt eis Sprooch eng Roll bei eiser Nationalitéit spillt**, dann huet hie sech mat sengem Gedäisch am Toun vergraff, basta... dat Allermannst, wat ee ka soen. Deeselwechten ‚Allroundhistoriker‘ giff sech ower iwver d’Resultat vun enger Ëmfro wonneren, déi iwver dës Fro gestallt geng ginn. Iwregens hunn déi jo dann alleguer e Fierzelen am Kapp, déi dat selwecht heibannen oder an anere Länner fir hir Nationalitéit verlaangen. Well mir ower eng butzeg Natioun sinn, déi sech all guden Dag huet misse behaupten, déi sech och haut nach muss als eegent Land an Natioun beweisen, ass d’Sprooch-Fro fir äis souzesoe existenzwichtig, *n’en déplaie à des historiens-idéologues visiblement détracteurs!* Wéi ass et dann z. B. mat Malta... esouguer EU-Sprooch!

En Historiker soll sech ‚neutral‘ ëm Saachen/Zoustänn bekëmmern, déi mat Geschichtsschreiwerei ze dinn hunn; net mat ideologesch vertrëtzte Meenungen a Behauptereie wéitschen, déi nun emol kloer op politeschem Plang leien... esouguer laanscht den Dill sinn: z. B. **ass et falsch, d’Schwäizer Sproochsituatioun (och fir d’Nationalitéit) mat eiser ze vergläichen:** dat Land ass duerch en ‚Amalgam‘ (Confederatioun/CH!) aus dem Kär ‚Schwyz-Uri-Unterwalden +++‘ entstan, woufir d’Sproochconditioun fundamental anerer sinn. **Lëtzebuerg, just de Contraire! ass eng Reduktioun** aus dem ‚Gekëpps‘ fir Frankräich (1659), Preussen (1815) an der Belsch (1839); also just de ‚Schuedi‘, dee vum Duché resp. Grand-Duché (vrun allem sproochlech speziell) iwreg bliwwen ass. Dat misst engem historiographeschen Dausendféissler dach kloer sinn, apaart wann et ëm Gespräicher iwver eis Nationalitéit an Emissiounen um ‚100,7‘ oder dem RTL geet. Et sief (vergonnt!), et wëllt ee sech fir dëst oder dat prett halen/maachen. Ower wat soll deen esou schéin arrogant an engem Lieserbréif vum DS apostrophéierten ‚oncle Lex‘, deen Duerfschoulmeeschter, da schon dovunner kennen. Dajee alt.

Et guff emol gemengt, datt et **näischt méi Ales ewéi d’Zeitung vum Dag virdu** giff ginn; dat huet säi Wouer... mä en Artikel kann ee wéinstens erausschneiden a versueren. **Dogéint ass eng kleng Radios-Emissiönchen dann ower wierklech nëmme waarm Loft;** och wann hei e puer Leit iwver eis Sprooch lassfueren, déi sech souwisou driwwer eens sinn, datt d’Lëtzebuergesch um Verblätzen, wann net esouguer um Verschwannen ass. Prost! Leider gëllt dës Bemierkung och fir Leit an deer Mikros-Ronn, déi zwar soss hir Verdéngschter fir eis Sprooch hunn... ower éischter op engem lexikalesche, phonetesche-folkloristesche Plang.


Datt mir hei vun deer Emissioun iwver eis Sprooch schwätzen, huet just mat deem Äifer ze dinn, deen eng Rëtsch Nolauschterer sech a ‚Commentairé‘ vum Leif schreiw... et sinn der gläich 50 gewiescht! Natierlech vergräifen sech der do en etlech (och wann si Recht kënnen hunn!) un engem Toun, dee mir hei net wëllen huelen.

Eng Soziolinguistik-Doktesch ass net onbedéngt bei enger Sprooch-Emissioun op hirer Plaz, wou et drëm geet, wéi d’Lëtzebuergesch vru Generatiounen do stong; wat an de leschte 50 Joer domat geschitt ass, a wéi et sech weider entwéckelt huet oder nach evoluéiert. Et ass emol net gesot, ob si weess, watfir eng Roll do de Lentz, den Dicks, de Rodange, den C.M. Spoo, den Nik. Welter, de Paul Eyschen, de Jos. Tockert, de Robert Bruch, all eis Schreiwerten (och déi mat Dausenden Emissiounen an Artikelen) an ‚déi vum 10. Oktober 1941‘ gespilt hunn. Si ignoréiert Dosende vun Argumenter, déi een hir nach spilles kënt an dee gescheite Käppchen triichter; si iwvergeet schänterlecherweis, wat an eiser Sprooch an de leschte 50 Joer geleescht guff a geschitt ass... **ower: Soziolinguistik ass nun emol keng SozioPÄDAGOGIK oder -DIDAKTIK!** Hiert Fach ass (dat technescht) Fonktionéiere vun engem ‚Idiom‘ an engem Gebitt. Dat kann hire ‚Mentor‘ de Professer Fernand Fehlen, hir auserneendinn, deen dem Schreiwert vun dësem Artikelchen handschrëftlech de ‚Pionéier‘ am nationale Sënn attestéiert huet; de Prof. Dr. Peter Gilles huet am selwechte Sënn dem ‚geéierten Här L.R.‘ eng handschrëftlech Zensur am (iwregens absolutt wertvolle) Buch iwver eis Familljennimm ginn.

Dat, an nach vill méi – a 50 Joer Aarbecht fir d’Lëtzebuergesch ‚bei de Leit‘ – geet natierlech net duer, fir bei engem Radios-Gespräich iwver d’Nationalitéits-Lëtzebuergesch sollen dobäi ze sinn... **da wieren e sëlliche Kuebereien net ‚einfach esou‘ wësche gelooss ginn.** Mä sou léisst een Onkamoutes genëschelt ënnert den Dësch falen, nedit, maja, jo; et soll der ginn, déi net do huckele bleiwen... an da leeft et (am falsche Sënn) net ronn.

Dann „zünd“ alt emol

Wéi et schéngt huet eng ‚Micros-Madame‘ an engem Reportage fir ‚TéléVie‘ gemengt, do wiere **‚Käerze gezünd‘** ginn... dat ‚Méinsch‘ gehéiert einfach net vrun e lëtzebuergesche Micro/eng Camera, wou d’Handwierksgeschier nun emol eis Sprooch ass. **Bis elo hu mir eng Käerz, e Feier, en Uewen, eng Zigrett, eng Päif, an natierlech eng Käerz nach ëmmer ugefaang;** ‚zünden‘ hu mir och, mä an aneren Zesammenhäng. Et geet net domat duer, dann erëm ze soen/mengen, eng Sprooch giff ‚evoluéieren/ sech moderniséieren‘; dat ass zwar net ëmmer falsch, mä op déi Vereinfachungs-Kar kann een net alles tässelen... wat een an enger Sprooch net kann oder net kennt. An dësem Fall kënt ee jo dann och behaupten, herno wieren déi Liichtercher ‚geläsch‘ ginn (dat iwverloosse mir de Pompjeeën!)... well dat nun emol esou ‚evolutiv‘ ass. Madame, **maacht oder bloost déi Käerzen do roueg aus!**



(Zeechnung: O. Jaminon)

De ‚queschen ‚e‘

Wéi an den 90er Joeren **e grappvoll Saachen an eiser Schreifweis sollt ‚vereinfacht‘ ginn**, hunn ech un e Liddchen aus enger vun de fréiere ‚Revue‘ missen denken: *<de Schaus, dee sot, ‚t muss anescht ginn; ‚t ass anescht mä... net besser ginn>*. Gutt war et, datt dee breeden (oppnen) ‚e‘ einfach ëmmer soll duebel geschriwwen ginn, also net ënner d’Regel vun der Vokal-Verduebelung brauch ze falen.

Och am Däitsche gëtt et jo **‚Gewulls mat dem ‚e‘**. Huelt emol: Schere-Sehne-Seele...dräimol genee deeselwechte laang geschwaten ‚e‘... an dräimol anescht geschriwwen! Mä wann dir et net ‚richteg‘ schreift, da gëtt et do e roud Strapp, basta! Hei freet kee laang an ëmstänterlech, FIRWAT dat esou ass; et ass esou, fäerdeg. **Just am Lëtzebuergesche gi mir de Lais nach d’Fléi sichen;** mir stelle kéipweis Schreifweissaachen a Fro. Wa mir dann eréischt an d’Englescht kommen, da fanne mir et normal, dat et 6 Fassonge gëtt, fir do de geschriwwenen ‚ea‘ anescht auszuschwätzen (early, heard, heat, heart...), **mä do gëtt net reklamméiert, net emol dru geduecht.** Passt emol op, wéivill Bustawen am Fransésische geschriwwen ower net ausgeschwat ginn (*accueillir*); ower an eiser Orthographie muss alles looooooogesch sinn. Ass dat wierklech esou logesch geduecht?

Wat ass eng Haascht?

Mir iesse jo bal alleguer gär e genësegt Stéck Ham bei de Spargelen, déi elo kommen; réi oder gekacht ‚Flaatschen‘, eng Schlabäizi! Och eng Mettwurst oder e Wirschtchen, eng Lyoner asw. Schmaachen der Mailche wonnerbar... **ower wéi dacks huet een sech da scho gefrot, wéi déi Saache gemaach ginn!** Si passéieren all an der Haascht; op d’mannst rondrem Käerjeng kennt haut bal jiddereen dat Wuert... och wann dacks net gewosst ass, wat domat gemengt gëtt: Wann d’Giss geschluecht ass, ginn **déi ‚gréng‘ Hamen an d’Solper** geluecht, eng Flësegkeet aus Waasser, Salz, Kraider a Gewierz; dat nennt sech dann eng Solper (Saumure, Salzlauge); bei de Mëschungen hu vill Haiser hir kleng Geheimnisser, an et war an der Zäit gutt, wann e ‚Monni beim Haus‘ sech déi Wochen drëm bekëmmert huet, fir d’Hamen all Dag ze dréinen; duerno koumen si (eng Zäit?) **an de Reez** – guffen also GEREEZT, net GERÄÄCHERT – well et an deem Raum kee ‚Rauch‘ gëtt, wou si deen typesch bränzleg-reezege Goût vum Holz a Seemiel matkréien, dat ënnendrenner net brennt mä nëmme ‚säitert‘. Sinn se ‚zeideg‘, da ginn déi Dénger ewechgehang. Fréier **uewen iwver dem Kamäin an der Kichen, genee: der Haascht!** Wéi laang? E puer Méint fir déi ‚gekachten‘ an alt bis zu 2 Joer fir déi réi. Et gëtt et am Fong keng richteg ‚gekachten‘ Ham; si däerf net ‚kachen‘, wa méiglech net iwver 75° goen; dat Ganzt eng Spezialistenaarbecht! Haut op vill Fassongen industriell... mä wann een en ‚Haus‘ huet, wou d’Hamen nach selwer ‚gemaach‘ ginn...kee Verglach!

Schwätzen, spriechen, sproochen

Et ass nun emol **eng Saach vu Sproochgefill**, fir sech däitlech – vrun allem richteg – um Radio oder op der TV auszedecken. Wann een dat net huet, da soll een do ewech bleiwen; léieren ass méiglech, ower do ass et wéi mat der ‚Schreif‘: déi huet een, oder net! Natierlech spillt bei deer Saach ower och **de gudde Wëll** eng Roll... deen huet een, oder net! Dat gëllt fir all Sprooch op deene ‚Medien‘, och fir d’Lëtzebuergesch. Wann et am Däitschen heescht, eng Persoun giff ‚heilig gesprochen‘, ass dat nun emol net eng Saach vu ‚schwätzen‘; och en Uertel gëtt net ‚geschwat‘, mä ‚gesprach‘, dat alles wann et zesoe ‚feierlech gëtt... souzesoen eng Saach vun **‚Zongespëtzegefill‘**. Am Däitsche gëtt et d’Verb ‚schwätzen‘, ower dat kënt méi no un eist ‚poteren, diedegen‘ erun. Da gëtt et fir äis och nach d’Verb ‚sproochen‘... wat am Fong näischt mat ‚schwätzen‘ ze dinn huet, éischter mat ‚verspreechen‘, wann een z. B. bei engem Bauer eng hausgemaachten Ham ‚gesproocht‘ huet a versprach krut. Dat hei ass **deer typescher Beispiller eent, fir an engem ‚Wuertfeld‘ ze behandelen/léieren.** Déi (einfach) Method bréngt engem beim Léiere fir all Sprooch immens vill... et gëtt esou guer eng Zort Dictionnaire an deem Sënn. Vläch fannt dir deer och am Internet.

Generalversammlung vun der A-L

Samschdes, den 28. Mee 2016

Mëttes um 15.00 Auer

Am Stadgronn – 2, rue Sosthène Weis

Riets vum Breedewee

Bus 23 (Gare!) – arrêt vis-à-vis Cercle Münster

Parking ‚Hellege Geesch‘ (Lift fir an de Gronn)